Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

# TKS Sitzung vum 29. Abrëll 2025

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Steve Blasen exc.** | **Steve Degano exc.** | **Claude Ernst** | **Jean-Marc Hoffmann** |
| **Christiane Huberty** | **Uwe Jakoby** | **Gilles Mores** | **Jos Neuberg** |
| **Patrick Molitor exc.** | **Thill Jean-Jacques** | | |

## 1. Duathlon: Analyse a Schlussfolgerungen

2 Feeler sinn eis passéiert:

- am Reglement steet, dass et 5 Trainingsklatze géif ginn
- am Reglement steet, dass bei Rampo 3 Klatze géinge geworf ginn

D'Fro ass opkomm op e Spiller, den d'lescht Saison eng Sportkeelelizenz hat, als „national" kéint klasséiert ginn. An dësem Fall jo, well et jo keng offiziell Kompetitioun ass.

Di nexte Kéier misst d'Tribün erausgezunn ginn.

D'Startgebühr gëtt di nexte Kéier erhéicht.

## 2. Referendum iwwer d'Reglementer

Resultater vun der Ofstëmmung:

Vu dass de KC Eisebunn net vertruede woar, goufen et am Ganzen 22 Stëmmen. E Virschlag huet also 12 Stëmme gebraucht fir ugeholl ze ginn.

Et gouf vereenzelt bemängelt, dass d'Veräiner mat méi Ekippen méi Stëmmen hunn.

Bieles 2000: Getrennten Ofstëmmung pro Divisioun sollte méiglech sinn. D'Vertrieder vu Bieles woaren der Meenung, dass hire Virschlag net richtesch ausgeschriwwe gi wier. Si wollte virschloën, dass dëst just fir di iewescht Divisioun géif gëllen a woaren net averstanen, dass dëst esou ofgestëmmt géif ginn.
Resultat vun der Ofstëmmung: 9 Stëmmen dofir, 13 dogéint
Dëst Resultat ass awer nëmme provisoresch. Wéinst dëser Onstëmmegkeet gëtt de Punkt nach eng Kéier op der GV vun der TKS ofgestëmmt.

KSC Diddeleng: Tandem ofschafen an mat 6 Eenzel spillen. Zousazpunkten diskutéieren

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE
hummel
www.lupa69.com
WILWERT
depuis 1952

Resultat vun der Ofstëmmung: 8 Stëmmen dofir, 14 dogéint

Bieles 2000: Tandem ofschafen. 1. Zousazpunkt dann bei 15, den 2. bei 17 Punkten.
Resultat vun der Ofstëmmung: 9 Stëmmen dofir, 13 dogéint

KSC Bourscheid: Tandem duerch Team-Duebbel ersetzen. Punktesystem dann wéi an der Damme-Bundesliga
Resultat vun der Ofstëmmung: 9 Stëmmen dofir, 13 dogéint

KSC Diddeleng: Divisiounen mat 8 Ekippen, 2 steigen, 2 falen
Resultat vun der Ofstëmmung: 0 Stëmmen dofir, 20 dogéint (Enthalung Bieles 2000)

KSC Bourscheid: 6 Ekippen, keng Duebbelronn, eventuell Play-off
Resultat vun der Ofstëmmung: 18 Stëmmen dofir, 4 dogéint
Play-off: Diskutéiert driwwer op am Play-off soll Tandem gespillt ginn. Et wier net gudd en anere Spillmodus ze hunn ewéi am Championnat Dat géif awer bedeiten, dass d'Mätscher géifen +/- 6 Stonnen daueren an doduerch nëmme Weekends kéinte gespillt ginn.
Resultat vun der Ofstëmmung: 9 Stëmmen dofir, 13 dogéint
Barragemätscher: Nodeems de Play-off net nees agefouert gëtt, koum d'Fro op fir eventuell Barragemätscher zwëschen dem Zweetleschten an dem Zweeten vun der Divisoun drënner ze spillen.
Resultat vun der Ofstëmmung: 11 Stëmmen dofir, 11 dogéint. D'TKS hellt hei eng Entscheedung.
Entscheedung vun der TKS: Barragemätsch mat de Klassementer wéi an der Meeschterschaft (aller-retour).

KSC Bourscheid: Wiesselspiller sollen no 3 Mätscher uewen festgespillt sinn (esou wéi et virdrunn woar). *De KSC Bourscheid huet dëse Virschlag zréckgezunn.*

TKS: Auswiesselklausel ofschafen. Dëst soll haptsächlech bei den Dammen an den eeleren Hären et erlaben, méi lang derbäi ze bleiwen.
Resultat vun der Ofstëmmung: 15 Stëmmen dofir, 7 dogéint

Ennescht Divisioun: et sollt erlabt ginn mat 14. Klatzen ze spillen (ouni Duerchleefer)
Et goufen hei Diskussiounen, dass dëst am Widersproch zum Prinzip (vun der TKS) géif stoen, an all Divisioun di selwescht Regelen ze hunn. D'Argument vun der TKS ass, dass dëst vläicht e positiven Effekt op d'Unzuel vun eisen Dammenaktiven kéint hunn. D'Regelen an der ënnerschter Divisoun wieren schon öfters net di selwescht gewiecht. Als Beispill gouf d'Championnat genannt, wou an den ieweschten Divisiounen eng Duebelronn,ënner awer eng eenzel Allez-Retour-Ronn gespillt goufen.
Resultat vun der Ofstëmmung: 20 Stëmmen dofir, 0 dogéint (Enthalung Bieles 2000)

KSC Bourscheid: Umeldung bis 30. Juni (statt 20. Juni)

52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

Ofgelehnt vun der FLQ wéinst administrative Grënn.

Dëst mecht awer kee Sënn, vu dass d'Transfertszäit bis den 30. Juni ass. D'TKS ass der Meenung, dass dës Datumer missten di selwescht sinn.

KSC Bourscheid: LN-Cup Verlousung direkt am Ufank vun der Saison fir méi Zäit ze garantéieren
Dëst gëtt ab der nexter Saison gemach

Eenzel Hären B gëtt embenannt an Hären-FLQ so dass et net zu Verwiesselungen mat de Senioren soll kommen.
Entscheedung vun der TKS

### 3. Ekippechampionnat

An der nexter Sitzung mache mär eis Gedanken, wéi d'Andeelung pro Divisioun kéint ausgesinn.

D'Coupe fir di béid Championë si bestallt.

### 4. Eenzel- an Tandemmeeschterschaften

D'Medaille si bestallt.

### 5. LN-Cup

D'Coupe si bestallt.

### 6. Jugend

Mär machen en Opruff fir Leit an e Crash-Cours ze ruffen an hinnen d'Basis bäizebréngen. De Berto an de JM géifen dëse Cours halen, wa Leit sech mëllen. Den Dominique Kolp wier och bereet ze hëllefen.

WM-Herne: de Patrick an den Alain ginn als Coache mat.

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE
hummel
www.lupa69.com
WILWERT
depuis 1952

Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

## 7. Verschiddenes

### a. Traininger zu Péiteng

Info iwwer di nei Trainingsbestëmmungen zu Péiteng:

- Trainingsbongen nëmmen nach am Sekretariat vun der FLQ
- Jiddereen dréit sech selwer an d'Lëscht an gehäit säi Bongen an d'Këscht
- Ofwiesselnd 4 Bunnen ab 11:00

### b. Nuit des Sport

Nofroen, wién do ass. D'Margot huet sech ofgemellt.
An der nexter Sitzung ass dëst en Thema. Sinn d'Bunne reservéiert?

**Di next Sitzung ass den Denschdeg 10. Juni um 17:30 beim Kueb zu Steebrécken.**

**Mat beschte Gréiss**

**Jean-Marc**

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE
hummel
www.lupa69.com
WILWERT
depuis 1952